



Assemblée générale ordinaire du 06 mars 2019

Allocution du président Steve Keipes

Dir Dammen an Dir Hären,
Léif Kolleginnen a Kollegen,

Gudden Owend a Merci dat Dir lech Zäit geholl hutt fir op d'Generalversammlung vun der AGC lauschteren ze kommen.

Ganz besonnesch begrëssen ech de fréieren AGC-Präsident Fernand Muller.

Desweideren heeschen ech de Georges Muller, Direkter vun der Chambre des fonctionnaires et employés publics, a säi Mataarbechter den Här Marc Poos wëllkomm.

Last but not least, sinn ech awer och frou datt eise Comitésmember Romain Wolff a sénger Fonktioun als Präsident vun der Chambre des fonctionnaires et employés publics an als Präsident vun der CGFP de Wee op Dummeldeng fonnt huet.

Bal ee Joer op den Dag ass et hir datt mer eis fir d'läscht hei gesinn hunn. Deemols, den 08. März 2018, gouf et op der Generalversammlung keng gutt Noriichte. Et haten sech 10 Comitésmemberen entscheed net méi weiderzeman. Dorënner waren de Präsident, de Secrétaire général a säin Stellvertieder souwéi den Trésorier. Dee Moment konnten engem schonn d'Dronkenellen ausgoen. Wéi dat bei der AGC awer scho puermol de Fall war, hunn sech aner Memberen bereet erklärt fir Verantwortung z'iwwerhuelen a soumat d'AGC um Liewen z'erhalen. Wéi der un eise Bureau exécutif gesitt, hu mer an eise Gremien insgesamt eng gutt Mëschung vu jonken, dynameschen Elementer, wéi och vun erfuerenen, alen Huesen. Ech sinn iwwerzeegt datt mer mat där Équipe, déi sech ënnerenee gutt versteet, déi zukünfteg Herausforderungen meeschtere kënnen an eis an deem Sënn fir d'Intressien vum A2 a B1 asetze kënnen.

Léisst een dat läscht Joer um Niveau vun der AGC Revue passéieren, da muss ee kloer soen datt et sech ëm en Iwwergangsjoeer handelt. Doduerch datt mer e grouse Wiessel an eise Comité haten, waren d'Prioritéiten dach éischer op

intern Aufgaben geluecht ginn. Wann een awer bedenkt wéivill Zäit verluer geet a wat fir en Opwand muss bedriwwe ginn fir e puer Bankkonten un de neie Bureau exécutif unzepassen, da bleift net méi vill Plaz fir aner Saachen. Dat selwecht géllt fir de Multiline dee jo ab läschem Joer obligatoresch huet misse genotzt ginn fir d'Encaissementer vun der Cotisatioun kënnen duerchzeféieren. Mat Hëllef vun der CGFP an duerch den onermiddlechen Asaz vun eisem Trésorier, ass et gelongen Enn Dezember 2018 de Joresbäitrag nach rechtzäiteg opzehiewen. Dofir soen ech de Pascal an dem Här Alain Steffen vun der CGFP Merci!

Dogéint hate mer leider mat eisem Inforum net sou vill Gléck. De Comité hat am Virfeld vun de Chamberswahlen e Questionnaire ausgeschafft, deen sech op d'Revendicatiounen vun der AGC baséiert huet. Dëse Questionnaire gouf un all Partei adresséiert, déi an der Chamber vertrueden ass. Well mer praktesch vun all Partei eng Äntfert kruten, hu mer dovu profitéiert fir déi Informatiounen an eiser Zeitung ze présentéieren. Aus dem Grond wär et flott gewiecht, wann den Inforum, wéi geplangt, e puer Deeg virun de Wahlen an der Bréifkëscht vun eise Memberen geleeën hätt. Obwuel mer alles am Délai rageschéckt haten, huet eis d'Dréckerei an hir Maschinnen um läschte Stéppel am Stach gelooss. D'Blamage fir dës Éditoun no de Wahlen ze verschécken wollte mer eis net onbedéngt siche goen an sou bleift den Inforum Nummer 52 eng digital Versioun. Fir dësen Ëmstand wollt ech mech am Nachhinein entschëllegen! De Secrétaire général geet a séngem Rapport am Détail op de Questionnaire an d'Äntwerten an.

Den Highlight vum Joer fir de Comité war sécherlech den „Dîner des anciens“ dee mer den 19. Oktober organiséiert haten fir d'Verdénsgchter vun den ausgetruedenen Comitésmemberen ze wierdegen. Et war e gemiitlechen Owend an engem flotte Kader mat guddem Kascht, mä, a ménger Fonctioun als Präsident, hoffen ech natierlech net datt verschidde Comitésmemberen lo op de Goût komm sinn a mer där schéiner Soiréeën an Zukunft méi oft mussen organiséieren. Ech well op dëser Plaz awer nach eng Kéier deene betraffene Leit Merci soen fir hiren laangjäregen Asaz fir d'AGC!

Kuckt een wat dat läscht Joer op nationalem Plang bruecht huet, da muss ech feststellen datt et dach zimmlech roueg war, wéi dat ëmmer viru Chamberswahlen de Fall ass, bis de 15. Juni 2018 de Blëtz ageschloen huet! Just virun der Summerpaus ass nach en Accord tëscht der Regierung an der CGFP ënnerschriwwe ginn, deen aus ménger Siicht, ganz iwwerraschend nach zustane komm ass. Domadder ass dann ab dem 01. Januar 2019 ënner anerem déi onsäglech 80/80/90-Regelung vum Dësch. Well et sech ëm en Accord fir déi zukünfteg Generatiounen handelt, sinn d'Pensionären dës Kéier eidel ausgang. Mir hoffen awer datt di nächst Kéier rëm un si geduecht gétt. Den Avenant gétt am Détail vum Secrétaire général a séngem Rapport belicht. Ob deen Accord vum Juni 2018 fir d'Regierung als Stëmmefänkert gedéngt huet oder net, eent ass sécher:

De Bureau exécutif vun der CGFP huet e ganz gutt Resultat rausgeschlo dat d'AGC zu 100% matdréit a fir dat mir Merci soen!

An de Chamberswahlen vum 14. Oktober 2018 ass et dann rëm anescht komm wéi ee gemengt huet. Fir déi eng déi sech schonn an der Regierung gesinn hunn, blouf nëmmen d'Oppositionsbänk iwwreg an déi aner, di ganz verdrësslech un d'Opposition geduecht hunn, krute ganz knapp den Opdrag fir weider ze man. Deemno gëtt eist Marieländchen eng weider 5 Joer vun enger westafrikanescher Koalitioun regéiert. Deen eenzegen dee keng Loscht hat weider ze man, war den Dan Kersch. Hien hat bestëmmt d'Flemm mat deene sturen Staatsbeamten déi partout net dat gemaach hunn wat hie wollt. Wéi de Kleeschen eis dunn déi nei Regierung bruecht huet, krute mer vum Houséker e bloe Minister geschenkt. De smarten Marc Hansen, deen sech lo mat eis muss rëmpleen, schéngt awer vun Ufank un op den Dialog ze setzen. Deemno ass dem Bureau exécutif eng Entrevue den 22. März 2019 fir en éischte Meenungsaustausch ugebuede ginn, déi mer gär ugeholl hunn. Bei dëser Geleeënheet wollte mer dem neie Minister eis Fuerderungen virleeën an him erklären firwat een an Zukunft den A2 a besonnesch de B1 muss stäerken.

Datt d'Spuerkeess e speziellt Konstrukt ass sief gewousst, mä datt et sou komplizéiert wier fir d'Reform vun 2015 an engem Établissement public deen zu 100% dem Staat gehéiert ëmzesetzen, dat hätt kee geduecht. Nodeems d'Conciliatioun an d'Box gaang ass an d'Médiatioun nach méi e schlecht Resultat bruecht huet, huet d'APBCEE, mat un der Spëtzt eisem Kolleg a Comitésmember Georges Dennewald, d'CGFP an hir Ënnerorganisationen ëm Hëllef gefrot. Ouni mat der Wimper ze zucken huet d'AGC sech mat der APBCEE solidaresch erklärt an de Comité war deemno gutt op der Protestmanifestatioun vum 27. November 2018 virum Haaptgebei vun der Spuerkeess vertraueden. "Wie sech mat engem vun eis uleet, leet sech mat eis alleguerten un!" war de Motto op där Veranstaltung, déi e Succès war an déi et erméiglecht huet op der Réunioun vun der läschter Chance de 06. Februar 2019 dach nach e Kompromiss am Sënn vum Personal vun der Spuerkeess ze fannen. Och wann deen Dossier vum Dësch ass, soll eise Kolleg Georges awer wëssen datt mir als AGC all weider Aktioun matgedroen hätten, well et sech ëm eng risegrouss Ongerechtegkeet vis-à-vis vun den aneren Staatsbeamten gehandelt huet.

Schlussendlech well ech nach e bëssi op zukünfteg Themen agoen, déi d'AGC wärd upaken. Am Moment ass de Comité amgang sech Gedanken iwwert eng Neifaassung vum Artikel 36 vum Statut ze maachen. Wéi der bestëmmt wësst, ass den Text vum Artikel iwwerlieft an e gëtt vu villen Verwaltungen net méi respektéiert. Duerfir ass et besser d'Initiativ z'ergreifen éier een sech eppes muss operleeë loossen. Fir sech ganz op dee Punkt kënnen ze konzentréieren, huet de Comité an sénger läschter Réunioun decidéiert en Arbechtsgrupp an d'Liewen ze ruffen. Well net forcément Comitésmemberen an där Arbechtsgrupp musse vertrauede sinn,

profitéieren ech vun dëser Geleeënheet fir en Opruff un all déi Memberen ze man, déi Zäit a Loscht hunn fir matzeschaffen. Dir kënnt lech bei mir, bei engem Comitésmember oder per E-Mail op mail@agc.lu umellen. All Member ass wëllkomm! An där Optik hoffe mer do am Laf vum Joer eng gutt Propose un d'CGFP kënnen ze man.

En Thema wat schonn ëmmer wichteg war fir d'AGC an et och wärd bleiwen ass d'Formatioun. Dorunner ass di läscht Joeren vu Regierungssäit vill gefréckelt ginn. Dozou zielen ech och d'Reform vum Examen-concours, dee lo "Épreuve d'aptitude générale" heescht, well en ganz um Ufank vum Stage, also der Formation générale a spécifique, steet. De sougenannte Klickexamen ass sexy a modern, mä well een en och mat e bëssi Chance ka packen si Problemer am Stage an am Ustellungsexamen virprogramméiert, wat fir de B1 op laang Siicht e Kompetenzverloscht kéint bedeuten. Gouf virun dëser Reform am Ministère nach gejëmert datt net genuch Kandidaten duerchkomm sinn, sou huet ee lo d'Gefill et wäeren därer zevill. Dowéinst ass schonn no 2 Sessiounen d'Lat ëm ee Krack an d'Luucht gehuewe ginn. No den éischten 3 Sessiounen hunn iwwer 2.000 Kandidaten alleng am B1 den Examen gepackt. Et däerf ee gespannt sinn wéini d'Lat nach méi héich geluecht gëtt fir datt et nach manner Réussite gëtt. Net vergiessen däerf een den Opwand an de Verwaltungen deen am zweeten Deel vum Staatsexamen ufällt. Domadder sinn och Memberen vun der AGC geplot. Datt bei 200 bis 300 Kandidaturen fir 10 Posten muss gesënnert ginn ass méi wéi logesch. Fir d'Neutralitéit bei deenen Tester an Interviewen ze garantéieren wär et am Sënn vum Kandidat wichteg wann och do Observateuren kéinte genannt ginn. Lo kierzlech ass jo och d'Formation générale vum INAP während dem Stage nei ugepasst ginn. Akzeptabel ass datt d'Unzuel vun de Formatiounsstonnen net erofgaangen ass an d'Iddi fir dem Verwaltungschef de Choix iwwert de Gros vun de Formatiounsstonnen ze loossen ass net di schlechtest. Trotzdem musse mer en A drop hunn fir sécherzestellen datt d'Stagiären déi Formatioun kréien déi se brauchen. An deem groussen Dossier Formatioun bleift also nach ganz vill Verbesserungspotential!

En anere Sujet fir d'Zukunft ass den Télétravail. Am Koalitionsaccord vun der neier Regierung ass en op mannst mol mat 2 Zeilen ernimmt. Hautzedags wann een de Verkéier op der Strooss gesäit an iwwerall groussarteg vu Flexibilitéit op der Arbechtsplaz geschwaat gëtt, misst d'Prioritéit vun dësem Projet vill méi héich sinn.

Wéi der gesitt, hu mer genuch ze dinn. Besonnesch en Vue vun de Sozialwahlen dat nächst Joer am Mäerz musse mer als AGC gutt präparéiert an opgestallt sinn. Ech si mer sécher datt mer zesummen mat de Kollegen vun der CGFP dee richtege Wee wärte fannen, och wa mir als AGC onsen eegenen Standpunkt ëmmer wärten vertrieden.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet!